**Evangelium vum 3. Sonndeg am Joreskrees (Joer B)**

**Mk 1,14-20**

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Markus.*
*A. Dir all Éier, Här.*

14 Nodeems de Johannes ausgeliwwert gi war, ass de Jesus hannescht a
Galiläa gaang; do huet hien dem Herrgott säin Evangelium verkënnegt.

15 Hie sot: "D'Zäit ass do, dem Herrgott säi Räich ass um Kommen. Denkt
ëm a gleeft un d'Evangelium!"

16 Wéi hien du laanscht de Séi vu Galiläa goung, huet hien de Simon an
deem säi Brudder, den Andreas, gesinn, wéi si d'Netz am Séi ausgehäit hunn;
si waren nämlech Fëscher.

17 Du sot de Jesus zu hinnen: "Kommt mir no! Ech maachen aus iech
Mënschefëscher."

18 An direkt hunn si hir Netzer leie gelooss a sinn him nogaang.

19 Wéi hien e Stéck virugoung, huet hien dem Zebedäus säi Jong, de
Jakobus, an deem säi Brudder, de Johannes, gesinn; si waren am Naachen
amgaang, hir Netzer an d'Rei ze maachen.

20 Gaangs huet hien si geruff, an dunn hunn si hire Papp, den Zebedäus, bei
den Doléiner am Naachen zréckgelooss a gounge fort, dem Jesus no.

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
*A. Dech, Christus, luewe mir.*